PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz & Wirtschaft weiderzeleeden.**

D'Post bitt zënter 2023 de Service vum online Recommandé un, mat deem ee Bréiwer iwwert den elektronesche Wee kann un een Destinatäre fortschécken. D'Post selwer schreift op hirer Website:

> "*Le recommandé électronique de POST Luxembourg respecte les exigences du service d'envoi recommandé électronique qualifié au sens du règlement (UE) n° 910/2014.*"

Mir sinn awer Fäll zu Ae komm, wou Verwaltungen de Recommandé électronique ignoréiert hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Kann de Recommandé électronique och vu Bierger:innen genotzt ginn, fir Messagen u staatlech Verwaltungen ze schécken? Ass dës Form vum Verschécken equivalent zum Verschécke vu Recommandésbréiwer a Papeierform?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten